



Luxembourg, le 20 juin 2024

Rapport de la réunion auprès du Chef de Service AV du 19 juin 2024

Informatioune vum Chef de Service

Eis nei Direktesch, Mme Sophie Lacour, fänkt den 1. Juli an hirer Funktioun als Directrice D/EF un, wou Si dann och fir den AV zoustänneg wäert sinn.

Den 01. Juli kënnnt Mme Lacour eise Poste d'accueil aweiien, an de 27. August kennt Si de Lokal Pat an der Stad besichen a fiert uschléissend och an engem Zuch mat.

Den SQS huet eng Analyse vum Gewiicht vum Aarbechts Rucksak an Trolley gemaach, de Rucksak wier bei engem Gewiicht vu 6 kg an den Trolley bei 8 kg mat denen obligatoresche Sachen déi am Référentiel stinn an déi de Pat muss béri sech hunn.

Et gëtt analyséiert op a firwat Stagiairen am Ufank den Trolley kréien an op se eventuell kennen e Rucksak kréien.

De Parking am CRM gëtt am Moment reamenagéiert an dofir muss Park Situatioun am CRM reegelméisseg geännert an ugepasst ginn, De Parking ass dobäi prioritärfir Schichtaarbechter virgesinn.

Op der aner Sät vum „Boulevard de Kiyy“ get den Terrainamenagéiert als Parking.

Uschléissend un dees Ukënnegung vum Chef de Service sinn eis Froe beäntwert ginn.

1. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent pourquoi le rapport officiel de la dernière réunion du mois de mars n'a pas encore été envoyé aux délégués ?

Et gouf eis versprach, dass den Delegéierten de Bericht déi nächste Kéier méi zäitno wäert verschéckt ginn.

2. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL veulent se renseigner sur l'avancement du projet de loi N° 8335 relative à la sécurité, la sûreté, l'ordre et la vidéosurveillance dans les transports publics.

De Projet de loi N° 8335 gouf den 23.10.2023 vum fréiere Transportminister François Bausch an der Chamber deposéiert. Den Avis vun der Chambre des Salariés koum de 07.02.2024, dee vun der Chambre de Commerce den 29.02.2024, dee vun der Chambre des Métiers de 17.04.2024 an deen vun der Commission nationale pour la protection des données den 02.05.2024. Um Site <https://www.chd.lu/fr/dossier/8335> vun der Chamber, kann een och stänneg den aktuellen Stand vum Dossier nokucken.

Déi genau Detailer sinn nach net bekannt. Wann de Projet de lo awer esou ugeholl sollt ginn sollen PAT'en dann normalerweis Constatateur bleiwen, engStrof vun der Ministesch ausgeschwat ginn an mir dat kennen iwwert de Cis oder eng aner App dono mellen.

3. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent des détails sur le projet du roulement français. Comment se déroule la formation et la suite des formations ?

D'Formatioun initiale gëtt sät dem leschtem Joer net mei gemaach, allegueren déi Mataarbechter:innen déi e franséische Brevet hunn, egal op Roulement oder Reservist, maachen hier Formatioun contiune an ECP weider. Falls de Besoin giff bestoen fir die Franséisch Reserve opzestocke gëtt eng Klass ausgebilt.

Section AV

- 4. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent des renseignements sur le projet du nouveau GSM de Service qui devrait permettre de scanner et de vendre des billets.**
- Den Divisiounschef Claude Schaeffer huet e Projet ausgeschafft fir iwwert Android kenne Billjee ze scannen an ze verkafen, mat engem Kaartenbezuelsystem a klengem Drucker wéi DB Kin se hunn.
- 5. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent si l'avis « Pénurie personnel, repos supprimés » sera prolongé dans sa durée.**
- De Service freeet eng Verlängerung bis den 31.Dezember 2024 u. Déi Demande geet un de President vun der Zentraldelegatioun geschéckt, den Demande validéieren muss.
- 6. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent savoir s'il est possible qu'à l'avenir tous les délégués du personnel soient informés des résultats des examens ?**
- An Zukunft kréien Delegéierten matgedeelt wéivill Leit an enger Qualifikatioun a Fin de Stage duerch kommen, Noexamen hunn rsp. duerchfall sinn.
- 7. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent si les nouveaux collaborateurs:rices ont dû signer un document dans lequel ils affirment qu'ils seront licenciés s'ils deviennent inaptes endéans les cinq premières années de service ?**
- Dat ass net de Fall an och net esou virgesinn.
- 8. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL veulent savoir qui et quels services ont accès au Railtab ?**
- Zougang op de Railtab hun Mataarbechter:innen aus den TM an den AV. Et si PAT'en, CEM'en, Coachen, Visiteur'en, Conducteurs de manœuvre a verschidden Leit aus dem Encadrement déi den Railtab benotzen.
- 9. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent une automatisation de l'indemnité kilométrique.**
- Do gëtt zesumme mat dënne concernéierte Persoune no enger Léisung gekuckt.
- 10. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent avoir des renseignements sur les primes. Quelles primes les PAT recevront-ils et quand ?**
- Dat ass eng Fro fir Délégation Centrale. Déi Responsabel vun de Gewerkschafte mussen dat mam RH klären.
- 11. Les délégués du syndicat chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL désirent savoir jusqu'à quand la « Kurzwende » à Trèves restera en vigueur ?**
- D'Kurzwende ass mol wéinst engem Mangel u Personal bis de Fuerplangiessel 2024/2025 geplant.

Info Temps partiel

Laut dem RH, ass Dauer vum Temps partiel am Accord mam Agent fixéiert a geregelt. D'Leit hunn fir eng definéiert Zäitdauer énnerschriwwen während der se den Temps partiel wëllen huelen. Dat heescht awer och dass déi concernéiert Leit de System net lievensläglech behalen.

***Les délégués du personnel de la section AV
Dionisio BATTISTA / Jérôme TRAUSCH***



Dionisio BATTISTA
Délégué titulaire



Jérôme TRAUSCH
Délégué titulaire



Nick WEYLAND
Délégué suppléant



Eldin DURAKOVIC
Délégué suppléant

ZESUMMEN - MÉI GROUSS - MÉI STAARK